



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister an den Här Minister fir sozial Sécherheet weider ze leeden.

Enn Dezember 2019 ass d'Testphase vum digitale Patientendossier „Dossier de soins partagé“ (DSP) clôturéiert ginn. Säit Januar 2020 gëtt den DSP generell agesat an am Oktober 2020 gouf eng Kommunikatiounscampagne „MyDSP“ lancéiert an all Affiliéiert perséinlech ugeschriwwen an opgeruff sech um Site anzeloggen a säin Dossier ze personaliséieren.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi vill Leit hunn sech méttlerweil op MyDSP ageloggé an déi gefroten Informatiounen uginn?
- Goufen am Kader vun der Kommunikatiounscampagne och nach emol d'Dokteren ugehal mam DSP ze schaffen an och d'Patienten ze sensibiliséieren?
- Ass gewosst wéi vill Doktere systematesch mam DSP schaffen?
- Wëssend datt den DSP just effikass ass wann e systematesch benotzt gëtt vun allen Dokteren, an d'Patienten och hiren dofir Accord ginn, wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuele fir datt den DSP zu engem generaliséierten Outil ka ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Françoise Hetto-Gaasch
Deputéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 2 juin 2021

Réf. : 838x4eee0

Concerne: Question parlementaire n° 4192 du 30 avril 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et de la soussignée à la question parlementaire n° 4192 du 30 avril 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant le "Dossier de soins partagé".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement



Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale à la question parlementaire n° 4192 du 30 avril 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant le "Dossier de soins partagé".

Wéi vill Leit hunn sech méttlerweil op MyDSP ageloggé an déi gefroten Informatiounen uginn?

14 Méint nom Start vun der Generaliséierung vum DSP goufen insgesamt 12% vun den 915.000 DSP'en, déi aktuell op sinn, vun hiren Titularen aktivéiert. An der Tëschenzäit ginn et iwwer 3 Milliounen Dokumenter déi an DSP'en geluede goufen. Den Taux de Fermeture, also déi Leit déi gefrot hunn dësen zou ze maachen, läit bei 0,16% vun all den Titularen.

Goufen am Kader vun der Kommunikatiounscampagne och nach emol d'Dokteren ugehale mam DSP ze schaffen an och d'Patienten ze sensibiliséieren?

D'Dokteren si vun Ufank un, um Projet ronderëm d'Implementéierung vum DSP agebonne ginn. Esou ass zum Beispill d'AMMD am Verwaltungsrot vun der Agence eSanté séit senger Grënnung vertrueden. Donieft sinn d'Dokteren och an diversen Aarbechtsgruppen vun der Agence eSanté représentéiert an haaten duerch d'Informatiounsowenter déi d'Agence e puer Mol duerch d'Land organiséiert huet (insgesamt 6 Cyclen vun all Kéiers enger Reunioun am Norden, am Zentrum an am Süde vum Land) fir déi verschidden Evolutiounsphase vum DSP virzestellen, d'Méiglechkeet sech z'informéieren.

Am Kader vun der Generalisatioun vum DSP, déi säit dem 1. Januar 2020 lancéiert ginn ass, ass am Laf vun 2020 déi éischt Phas vun enger Kommunikatiounscampagne „grand public“ gemaach ginn, cibléiert un den Assuréeën. Et war virgesinn, datt an enger zweeter, respektiv drëtter Phas, méttels enger Wiederhuelungscampagne all d'Assuréeën an d'Dokteren nees op den Zweck an de Notze vum DSP - fir hiren eegenen Interessi esou wéi deen vun hire Patienten - sensibiliséiert géifen. No der Krisegestioun, wäert dëst nogeholl ginn.

Ass gewosst wéi vill Doktere systematesch mam DSP schaffen?

Bis dato, hunn 390 Dokter hiren individuelle eSanté Kont aktivéiert an eng 361 Doktere schaffen och regelméisseg mam DSP, am Sënn datt si den DSP vun hire Patienten mat medezineschen Daten fëllen.



Wëssend datt den DSP just effikass ass wann e systematesch benotzt gëtt vun allen Dokter, an d'Patienten och hiren Accord dofir ginn, wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuele fir datt den DSP zu engem generaliséierten Outil ka ginn?

Fir datt den DSP zu engem generaliséierten a wäertvollen Outil am Gesondheet-Secteur gëtt, an seng Haaptfonktiounen kann erfëllen, mussen déi verschidde Benotzungsfäll ronderëm den DSP, elo wou seng Generalisatioun geschitt ass, weider entwéckelt a gefuerdert ginn.

Als Beispill ass virgesinn datt ab Enn Juni 2021 den Zougang zu medezinesche Biller (Radiographien, Scanner, etc.) via den DSP erméiglecht gëtt, wouduerch dann d'Graveirung vu Röntgen-Biller op CD-Rom endlech ofgeschaaft ka ginn. Ab Enn Juni wäert och de Service ePrescriptioun zur Verfügung kënne gestallt ginn, wouduerch den DSP den Zougang zu den dematerialiséierte medezinesche Verschreiwunge fir Labotester a Medikamenter an enger 1. Phase, an fir Imagerie médicale a Krankeschäiner an enger spéiderer Phase, wäert erméiglechen. D'Aféieren vun all de verschiddene "Cas d'usagen" esou wéi d'wuessend Unzuel vun Dokumenter an den DSP'en, wäert déi alldeelech Benotzung vum DSP erhéijen.

D'Benotzen vum DSP wäert nach duerch d'Erschéngen vun enger mobiler "App" fir Handy'en ënnerstëtzt ginn, well dann den Titulaire zu all Moment iwwert e Smartphone Zougang zu sengem DSP kann hunn. Et ass virgesinn fir mat dëser App an den nächste Méint a Produktioun ze goen.